Iddië fir eng flott an interessant Mobilitéitswoch

1. AKTIOUNEN FIR D'„MOBILITÉ DOUCE“

Vëlospisten uleeën (wann och provisoresch) | Nei Vëlospisten, Trëppelweeër oder Chemins auto-pédestres aweien | E Vëlos-Occasiounsmaart organiséiere mat Entretien, Codificatioun an Check-Up | Randonnéeën organiséieren, fir d'Gemeng kennen ze léieren | Croissante fir d'Gemengebeamten, déi moies mam Vëlo op d'Schaff kommen | Vëlos-Parkingen aweien | Mat de Vëlosclibb aus der Gemeng schaffen, fir e Sensibiliséierungsstand op enger belieftener Plaz an der Gemeng ze halen | Routinéiert Vëlosfuerer bidde sech Ufänger als Parrain un, a fuere mat hinnen zesumme moies op d'Schaff an owes nees heem (opgepasst: Preparatiounszäit mat arechnen) | De lokale Vëlosclub froen, en Artikel fir de Gemengebuet ze schreiwen | En Dépliant iwwert Vëlospisten an der Gemeng rausbréngen an e während der Mobilitéitswoch verdeelen | E Seminar iwwert de Vëlo als ideaalt Transportmëttel bei kuerzen Distanzen organiséieren | Een „Mam Vëlo op d'Schaff“-Dag organiséieren | E Vëlosconcours tëscht den Entreprisen an der Gemeng organiséieren | Déngschtvëloen uschafen an zur Verfügung stellen | Eng Wett organiséieren, fir ze weisen, datt op kuerzen Distanzen de Vëlo dat séierst Transportmëttel ass | Eng Randonnée „Intercommunale“ organiséieren | Foussmärsch oder Vëlostoure mat gewieltene Représentanten aus der Gemeng organiséieren | De Buergermeeschter a säi Personal komme mam Vëlo op d'Schaff – Op der Arrivée Kaffi a Croissante prettstellen an d'Press invitéieren | Déi lokal Entreprisë sensibiliséieren, fir am Kader vun der Mobilitéitswoch e Plan de Mobilité pour Entreprises ze lancéieren (hei kann de Verkéiersverbond Iech hëllefen) | Eng Randonnée mat engem Expert organiséieren, deen d'Participanten iwwert d'Loftqualitéit an Indicateure vu schlechter Loft opkläert an/oder iwwert déi verschiddenaarteg Flora a Fauna laanscht d'Flëss, d'Stroossen, d'Schinnen an am Bësch informéiert | De Vëlosfuerer/D'Vëlosfuererin vun der Woch/Mount/Joer wielen | Reduktioune fir Vëlosfuerer a lokale Geschäfter

2. AKTIOUNEN AM ËFFENTLECHEN TRANSPORT – BUS/ZUCH

D'Horairë vun de Busser an der Gemeng, méi Gemengen oder vun der Regioun an enger Spezialausgab vum Gemengebuet an d'Haiser liwweren | Eng nei Buslinn aweien | Eng nei Busspur aweien | En Nightlife-Bus, e Flexibus etc. aféieren | D'Horairë vun de Flexibusser, Nightlife-Busser a Citybusser iwwerschaffen | Kaffi, Croissanten an/oder aner kleng Cadeauen op de Bushaltestellen an an de Gare verdeelen, fir de Cliente vum ëffentlechen Transport Merci ze soen | D'Awunner iwwer Parkplazen a P+R informéieren

3. AKTIOUNE FIR KANNER A JUGENDLECHER

D'Enseignante froen, fir de Sujet Loftqualitéit während e puer Deeg mat de Kanner an der Schoul duerchzehuelen | De Buergermeeschter geet moies mam Pedibus mat | E Cadeau fir déi Kanner, déi moies zu Fouss, mam Vëlo oder mam Bus an d'Schoul kommen (Grüne Meilen sammeln) | De Buergermeeschter weit zesumme mat Kanner eng Passerelle, e Wee oder soss eppes an, wat de Foussgänger d'Liewen erliichtert | Apel oder Zitroun: Wie mam Bus, zu Fouss oder mam Vëlo kënnt, kritt een Apel. Wie mam Auto kënnt, eng Zitroun | Service-Statioun fir d'Schülervëloen | D'Vëlosweeër frësch anzeechnen | Kanner mole Plakater, fir d'Aktiounen ze illustréieren | Schüler maache Reportagen iwwert d'Astellung vun hire Matbierger zum Vëlo | Aktioun „De séchere Schoulwee“ | Virbiller: D'Schoulmeeschteren an d'Proffe komme mam Vëlo an d'Schoul | E Pedibus oder e Vëlobus an d'Liewe ruffen | Zesumme mat der Police Tester organiséieren, fir d'Sécherheet am Strosseverkéier ze evaluéieren | D'Enseignante encouragéieren, de Vëlo als wierklech Alternativ zu aneren Transportmëttelen ze promovéieren | Concours: Mol mir däin Dramvëlo | Vëlosstännere virun der Schoul installéieren | Matmaache bei der „Kindermeilen-Kampagne“ vum Klimabündnis | De Kanner de Stroosseverkéier méi no brénge mam Programm „Kuck a Klick“ vum Centre pour jeune conducteurs | Eng reell Diskussioun iwwert Tempo-30-Zonen an der Gemeng | D'Strooss virun der Schoul während engem Dag oder der ganzer Woch spären an Aktivitéite fir d'Kanner organiséieren | De Kanner d'Gemeng bei enger Vëlosrallye weisen

2. ALLGEMENG AKTIOUNEN

Seminairen, Table-ronden, Colloquen, Ausstellungen oder Konferenzen zum Thema organiséieren | Sech ëm d'Presseaarbecht këmmeren | E Quartier fir de Verkéier zoumaachen an d'Awunner froen, fir deen Dag Aktiounen an de Stroossen ze organiséieren | Foussgängerzonen – an Zesummenaarbecht mat de Geschäftsleit – fir een Dag erweideren | Stroossefester, Stroossesport, Defiléen organiséieren | Stroossen tëscht Gemengen zoumaachen a Manifestatiounen organiséieren, oder dorauser Spillplazen, Vëlosweeër a Sportsplaze maachen – Rollrasen drop leeën | Gratis Navetten organiséieren | Kaarten erausbréngen, op deenen d'Fouss- an d'Vëlosweeër agezeechent sinn | Beem laanscht d'Stroosse planzen | D'Synchronisatioun vun de Stroosseluuchten iwwerkucken | Tempo-30-Zonen aweien | Foussgängerweeër a Vëlosweeër aweien | En Tour duerch d'Gemeng maachen a Problemzonen identifizéieren (keng Passerellen, geféierlech Kräizungen...) | Covoiturage encouragéieren | Fairtrade-Petit Déjeuner fir Cyclisten | E-Mobility | Training fir responsabelt Fueren ubidden | Tombola organiséieren | Mini-Epicerie / Mini-Maart an Dierfer organiséieren, déi keng Geschäfter méi hunn, déi zu Fouss oder mam Vëlo erreecht kënne ginn | Medizinesch Berodung iwwer Wuelstandskrankheeten, déi duerch eng falsch verstane Mobilitéit entstinn (héije Bluttdrock, Zocker, Iwwergewiicht...)

verkéiers verbond